Ob eis Jongen a Meedercher Resistenzler waren? Ob déi doudeg Enrôlés de Force den Titel "Mort pour la Patrie" verdéngen? Dat si Froen, ëm déi et hei zu Lëtzebuerg eigentlech nie hätt irgentwelleg Divergence dierfen ze gin. Well, vun 1941 un am R.A.D., vun 1942 un an der Wehrmacht, waren d'Meedercher an d'Jongen a Lageren an a Kasären, haten eng preisesch Uniform un, – och déi an de Kazetter hate preisesch Uniformen un, – eng Schmood sonnergläichen. Als Lëtzbuerger Resistenzler sin se vun de Nazien doutgemaach gin, goufe vun deene gefoltert an ermuerd. Si, déi Doudeg, si schwätze nët. Déi, déi den Holocaust iwwerlieft hun, och si soe näischt, well se sech genéiren, well se a Gewëssensnout sin, an duerwéint, wéi scho gesot, op engem Baam sëtzen.

Well si näischt soen, soen ech et, als Seelsuerger a.z. un Hand vun en etlech Beispiller:

* Si ware bal nach Kanner. Ech denken dack drun, wann ech méng Elève viru mir hun.

* Do si Waffen a militäresch Installatioune sabotéiert an zerstéiert gin, déi de Preise gehéiert hun. Et gouf systhematesch "Wehrkraftzersetzung" bedriwwen. Vill jonk Lëtzebuerger hu sech an hir Komeroden, Lëtzebuerger, Elsässer a Lothréinger, mä och Däitscher an Doudesgefor bruecht.

* Wees iwwerhapt ee wat et heescht, an enger Situatioun ze sin, wou een dat eegent Liewe nëmme méi nach retten kann, wann een de Vis-à-vis dout mecht? Méi wéi en etlech Enrôlés de Force hu leider missen e preiseschen Zaldot, en Offizéier erschéissen. An haut gët en domat nët méi esou richteg färdeg, zweifelt, jo verzweifelt...

* Vill Lëtzebuerger Jongen goufen bei engem Resistenzakt erwëscht. Eng preisesch Kugel huet hirem Liewen en Enn gemaach. War dat da kéng Resistenz? As dat nët "mort pour la Patrie"?

* Zu Dausende sin „ons Jongen" an der preisescher Wehrmacht ugaangen, si bei déi Alliéiert gaangen an hun alles verroden, wat se vun de Preisen wossten. Dat hun se nët gemaach, fir hire Pelz ze retten. An dat soll kéng Resistenz gewiescht sin?

* War dat kéng Resistenz, wann d'Nazien awer och glat kéng Freed mat de Lëtzebuerger Meedercher a Jongen haten, wann se jhust duurch si verونséchert si gin? Beispill: Um Wee an d'militäresch Deportatioun hun d'Jongen vun Hollerech bis op Wasserbëlleg et färdeg bruecht gehat, d'Voiture vum Zug komplett ze démoléiren.

* War dat vläicht kéng Resistenz, wann d'Jongen an de Kasären oder un de Fronten déi däitsch Jugend geléiert oder derzou bruecht hun, um Hitler a séngе Banditen ze zweiwelen; wann se déi preisesch Zaldoten demoraliséiert hun? War dat nët liewensgeféierlech? War dat kéng wiirklech Resistenz, résistance par exellence? As d'„Wehrkraftzersetzung" kéng Resistenz gewiescht? Sin déi Lëtzebuerger, déi jhust duerwéinst doutgemaach goufen, nët „mort pour lA Patrie"?

Et misst een haut schreiwen: „Jongen a Meedercher vun de Joergäng 1920 bis 1927:

'Les Sacrifiés de 1940 à 1945 et de 1945 à 1986'". An dat erklärt déi helleg Roserei: Duebel sacrifizéiert, vun deemols bis haut. Ech wollt soen, mir sollten eiser Regirung proposéiren eng nei Medaille ze schaafen, an zwar d'„Medaille des Sacrifiés"

Dat sin déi Saachen, déi d'Enrôlés de Force op de Baam gedriwwen hun. Mä si wëlle nët do sëtze bleiwen. Si klammen erof an d'Zoukonft, an d'Gemeinschaft vun de Mënschen, an d'Gemeinschaft mat Christus a Maria, fir d'Welt vu muer an iwwermuer, fir Generatiounen, déi no äis kommen. Da si mer nach ëmmer jonk „ons Jongen" an „ons Meedercher", esou wéi d'Leit am Lëtzebuerger Land et am Krich gesot hun.

De Jonktem vun deemols Hand an Hand mat deem vun haut an muer. Hinne wëlle mir Wäerter viirliewen, kéng Véierjoërzäitemoral, kee „sechdem-Wand-no-dréien", keen opportunistescht Behuelen, mä Solidaritéit, Asaz géint de gewaltsamen Dout, géint Aangscht an Haass, géint d'mënschlech Dommheet. Mir wëllen antriede fir d'Liewen a Liewensfreed, fir Glaf, Hoffnung a Liewt. Mir wëlle Éierfuurcht weisen viru Gott an de Mënschen, virun der Dignitéit vum Mënsch. Mir wëlle Respekt weise virun religiéisen Iwwerzeegungen, grad ewéi Selbstbeherrschung, Verantwortungsgefill. Verantwortungsfreedegkeet, Hëllefsbereetschaft an Opgeschlossenheet fir alles wat d'Wourecht as, wat gutt a schéin as. Dat wir echte Patriotissem haut, an enger Welt vu wiirtschaftlechem Réckgank, Aarbechtslosegkeet, Ëmweltzerstéirong, Terrorissem an Atomangscht. Dat soll eis Contributioun sin fir d'Welt vun haut a vu muer.

Nët manner ergräifend a ganz déifsënneg waren d'Fürbitten, déi de Komerod Jean Diederich, Mëmber vun der Ettelbrécker Sectioun, redigéiert a viirgedroen huet.

"Herrgott, an de battere Krichsjoëren wars du eis Kraaft, eis Hoffnung, eisen Trouscht. Eise Glaf un Dech an eist Vertrauen op eis Mamm vu Lëtzebuerg hun äis munnech schwéier Stonn erdroë gelooss. Du hues äis a grousse Gefore bäigestan an äis méi wéi eemol d'Liewen erëm geschenkt. Mir bieden Dech,

– Schenk all eise Komerodinnen a Komeroden, déi ënnert onmënschleche Conditiounen hirt jonkt Liewen hu misse loossen a wäit vun der Heemecht begruewe sin, éiweg Rou an éiwege Fridden. Schenk Däin éiwege Fridden och all deenen aus eise Reien, déi krank oder als Krëppel aus dem bluddege Krich erëmkomm sin an heiheem allze fréi verstuerwe sin.– Gëff all eise Komerodinnen a Komeroden, déi krank sin an zënter laange Joëre vill musse leiden, Kraaft a Gedold, mä virun allem d'Gewëssheet, datt duurch hire Patriotissem an hire Courage eis léif Heemecht erëm fräi as gin, an datt hir Leiden och haut nach nët ëmsoss sin.

– Looss äis all erkennen, wéi wichteg et as, datt och haut nach déi Eenegkeet, Frëndschaft a Komerodschaft erhale bleiwen, déi äis am Krich esou fest zesumme geschweesst hun. Gëff äis déi kloër Erkenntnes, datt d'Erneierung vun eisem Glaf un Dech, d'Stärkung vun eiser Léift zu Dir an zu all eise Matmënschen, déi eenzeg wiirksam Waffe sin, fir d'Welt aus engem geféierleche Chaos erauszeféieren.

– Seen a beschütz eist Herrscherhaus, de Symbol an d'Garantie vun eiser Fräiheet an Onofhängegkeet. Eis léif Groussherzogin CHARLOTTE huet äis a schwéiere Stonne vill Courage gemaach. Vill vun eise Komeroden hu mat hirem Bild virun Aën a mat hirem Numm op de Lëpsen daper virun dem Exécutiounskommando gestan. Huel Si op an Déng Herrlechkeet, a schenk Hir éiwege Fridden.

– Gëff alle Statsmänner d'Erkenntnes, datt si déi moralesch Verflichtung hun, sech voll a ganz anzesetzen, datt Fridde gët iwwerall, wou Mënschen ënnerdréckt, verschleeft, agespaart, gefoltert an doudgemaach gin. Stéi deene villen Affer vu politischem Terror bäi mat Dénger Gnod a looss d'Fräiheetsonn an der ganzer Welt opliichten.

Herrgott, Du bass d'Operstéung an d'Liewen. Seen a behidd all déi, déi haut hei versammelt



sin. Seen a behidd eis Familjen an all déi, déi äis am Krich gehollef hun. Huel äis all eemol an déng Herrlechkeet, wou mir Dech zesumme kënne luewen duurch Christus eisen Här.

* * * *

No der Mass huet d'Dikrecher Garnisounsmusék ënner der Leedung vun hirem Dirigent, dem Kom. Josy Comes, e patiotesche Concert gespillt, dee staark applaudéiert gouf.

Geleet vun der Stater Polizei, gong et dann am Cortège op de Kanounenhiwwel, wou virum Monument national de la Soidarité Luxembourgeoise bei der Éiweger Flaam e wonnerschéine Blummekranz néiergeleegt gouf. D'Garnisounsmusék huet d'Sonnerie aux Morts gespillt.

Duerno war et d'Usprooch vum Nationalpresident Jos. Weirich. Hei wat hie gesot huet:


"Nëmmen deen, dee vergies as, as tatsächlech an eisen Häerzer gestuerwen!

Dat as eng Wourecht, déi déif verwuerzelt as am Gedenkegudd vun der Féderatioun vun den zwangsrekrutéierte Naziaffer.

Wann een déi vergaange 25 Joër Aktivitéit vun eisen Enrôlés de Force Associatiounen duurchkuckt, da gesäit een, datt dat kéng eidel Wieder sin, mä datt dës Wourecht mat Tatsaachen ënnermauert gouf an och weider gët. Monumenter fir eis "Morts pour la Patrie" gouwen ënnert dem Impuls vun eise Sectiounen bal an allen Uertschafte vum Land opgeriicht. Bei de lokale Gedenkfeiere sin d'Zwangsrekrutéiert derbäi, och dann, wa si se nët selwer organiséiren. Och dëse Monument National as op Initiative vun eiser Féderatioun a natiirlech ënner Mathëllef vun de Resistenzorganisatiounen an ënner der Regie vun der deemolger Regirung realiséiert gin.

Awer och am Ausland, op friemem Buedem, an deem esou munnche gudde Lëtzebuerger séng lescht Rou fond huet, soll an därf kee vergiess sin. Gedenksténg sollen un hire Calvaire an un hir Sacrificer erënneren. Esou huet ons Féderatioun d'lescht Joër nach zwee Monumenter am Ausland opgeriicht, an zwar an där Géigend, wou an de Muurlageren vill ongléklech Refractären fir hir trei Haltung zu hirer Heemecht gelidden hun a ermuerd goufen. Elo jhust am vergaangenen August konnt och endlech zu Slonsk a Polen, dem fréiere Sonnenburg, e Gedenksteen inauguréiert gin, op deem déi 91 Nimm vu Lëtzebuerger Jonge stin, déi do ermuerd goufen.

Op nationalem Plang awer, eemol am Joër, zënter der Grënnong vun eiser Féderatioun am Joër 1960, hale mir d'„Journée Commémorative Nationale des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force" of. hei wëlle mir an aller Öffentlechkeet beweisen, datt d'Meedercher an d'Jongen vun de Joërgäng 1920 bis 1927 mat, déi illegal a vôlkerrechtswiddreg an d'preisesch Wehrmacht an a paramilitäresch Organisatiounen gezwonge ware gin, an do ëmkoumen, nët vergiess sin. Vergiess si sollen awer och nët all déi, déi fréizäiteg wéinst den erliddenen Entbiirungen a Strapazen gestuerwe sin. A ganz besonnesch schléisse mir all déi Leit mat an dës Gedenkstonn an, déi a schwéirer Zäit hirt Liewen fir ons Heemecht hu gin fir d'Fräiheet an d'Onofhängegkeet vun onsem Land, egal ob dat a Prisongen, a Kazetter, an der Deportatioun, an de Gefaangenelager, am Maquis oder an den alliéierten Arméie geschouch. Hinnen alleguer, oni







Exeptioun, gedenke mer haut an déiwem Respekt an a Stolz op hir Haltung. Fir datt keen si je vergësst, fir datt si nimols vergiess gin, duerfir sti mir haut hei. Fir ze weisen, datt hirt Undenken iech helleg as, duerfir sid dir alleguerten haut heihinner komm."

A franséischer Sprooch huet de Nationalpresident d'Komerode "Malgré-nous" aus dem nohe Lothréingesche begréisst a sot:

"Au nom des Enrôlés de Force luxembourgeois, de leurs amis et de ceux et de celles qui leur accordent leur sympathie, je tiens à vous remercier très sincèrement pour votre participation a notre Journée Commémorative.

Par votre présence vous avez rappelé et souligné les liens d'amitié qui unissent les victimes du nazisme, enrôlées de force, au-delà des frontières pour ce qu'elles ont souffert jadis sous le même oppresseur.

Que nos efforts communs s'unissent pour contribuer à ce que le calvaire franchi par nos générations ne se reproduise plus jamais et que les générations montantes puissent s'épanouir dans la paix et la liberté.

Ce ne sera que dans cette optique que les sacrifices de nos „Morts pour la Patrie" comme les nôtres seront récompensés."

Duerno sot de Nationalpresident merci: Dem Här Léon Bollendorf, éischte Bierger vum Land a President vun der Chamber; dem Här Jacques Santer, Statsminister, deen trotz sëlleger anerwärteger Engagementer drop gehalen hat derbäi ze sin, wann déi Leit geéiert gin, déi mat hirem Blutt d'Fräiheet an d'Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg erëmkaft hun; den Députéierten Ed. Juncker, Pierre Frieden, Dr Jean Goedert an René Hengel fir hir Presenz. Entschëllegt huet hien den Erzbëschof Mgr Jean Hengen an de Maréchal de la Cour, den Här Roger Hastert, déi wéinst aneren Engagementer nët konnte present sin. Merci der Amicale des Volontaires de Guerre 1944-1945, de Vertrieder vum LRL, vun der AVGLGB-Brigade Piron, vun der FAGOVER, vun der Amicale Albert Ungeheuer, der Amicale Garnisounsmusék Dikrech, ënnert der Leedung vum Komerod Josy Comes, fir hir Participatioun. Merci dem Groussrabbiner Emmanuel Bulz an dem Komerod Professer Jacques Ludwig, déi de reliéisen Deel vun der Journée absolvéiert hun. Merci awer och der Choral vun den Enrôlés de Force, deene 40 Komeroden, ënnert der Leedung vum Pol Nilles, déi keng Méi gescheit hun fir d'Mass an der Häerz-Jesu-Kiirch ze sangen; an nëtnëmme merci, mä och ons Félicitatiounen. A nodeem de Nationalpresident der Police an der Press merci gesot hat, huet hien séng Usprooch ofgeschloss, a sot:

"Mir all hun eng Aufgab, an déi as: Déi nët vergiessen, déi hirt Liewen an hir Gesondheet fir d'Heemecht geaffert hun. Mir hun haut bewisen, datt mir dës Aufgab eescht huelen. Loosst mer ons nët decouragéiere loossen, duurch déi, déi haut hei felen. Hëllefe mir mat, och nach méi wéi 40 Joër duurno, datt dee calvaire, deen Nazien eiser Genratioun opgezwongen haten, nët an de Vergiess geréit. A virun allem loosst mer mathëllefen, datt esou eppes oder nach nëmmen ähnleches sech nimols widderhëllt, mat deene Konsequenzen, wéi mir Lëtzebuerger se kennen. Et as ons Aufgab, mat onser Participatioun un dëser an un ähnlechen Erënnerungsfeieren derzou bäizedroen, ze erënneren, ze warnen an ons Nokommen an d'Jugend vun haut drop opmierksam ze maachen, datt Vigilance noutwenneg as, an datt et gëllt ze wieren éier et ze spéit as. Mir därfen nët zouloossen, datt mer de Reproche gemaat kréien, mir hätten aus der Vergangenheet näischt geléiert an hätten äis aus Bequemlechkeet aschléifre gelooss.

Haut hu mir, all wéi mer hei stin, ons Flicht an deem Sënn gemat, onst Verspriechen ageléist, grad ewéi an de Joëre viirdrun. Mir hun ons Kanner, Gesëschter, Fra, Mann, Komerodin a Komerod bewisen, datt mir si nët vegiess hun, déi eng Kéier hirt Liewen fir d'Heemecht geaffert hun. An esou laang mer liewen, soll d'Undenken u si waach bleiwen. Dat as de Sënn an den Zweck vun der Journée Commémorative Nationale vun den Enrôlés de Force."

* * * *

An dun gong eis Journés nationale esou lues op en Enn. De Groussrabbiner Dr Emmanuel Bulz huet als Gebiet e puur Versen aus dem Alen Testament gelies, an no en etleche Gedanken iwwer dat, wat d'Heemecht as, huet de Professer a Komerod Abbé Jacques Ludwig am Numm vu Mgr Jean Hengen, Erzbëschof vu Lëtzebuerg, e lescht Gebiet gesot, fir all Lëtzebuerger Affer vum leschte Weltkrich. Nodeem d'Garnisounsmusék eng leschte Kéier d'„Hémecht" gespillt hat, sin all Leit, déi um Kannounenhiwwel waren, duurch den Intérieur vum Monument gepilgert an hu sech an d'Gëlde Buch vun der Féderatioun vun den Enrôlés de Force agedroen.

## Eng béis Iwwerraschung!

Den Dag no eiser Journée Commémorative Nationale hu mer geménkt, de Schlaag géing ons treffen, wéi mer d„tageblatt" opgeschloen hun. Do méngt een dach, d'Weltgeschicht misst ophéiren!

Ënner „Statersäit" vum „t", Montag, 8. September 1986, Nr. 205, erschéingt en ielelaangen Artikel mat enger flappecher Iwwerschréft:

„WACL – 'eine politische Opszönität'."

Texte: Josy Braun, Robert Schneider. Bilder Guy Jallay.

An der Rei vun deene Biller, déi do ofgeliicht sin, as eent, op deem eng helle Wull Leit stin, an

do drënner steet ze liesen: „An die 200 Demonstranten vorm Novotel."

En aalen Dréck!

Op där Photo, déi um halwer sechs Auer um Kanounenhiwwel de 7. September gemaach gi war, stin elauter Enrôlés de Force, deenen hirer Familjen an d'„Dikrecher Garnisounsmusék", an dat während der Gedenkzeremonie fir déi doudeg Naziaffer vum leschte Weltkrich. Eiser werrecht, dat sin alles anescht wéi Demonstrante virum Novotel zu Dummeldéng.

Abbe jo, dir Häre vum „tageblatt". Dir dreift regelrecht Schëndlouder mat den Enrôlés de Force an hire Familjen. Nët de „WACL", mä dir wackelt. Wann en Iirtum iech ënnerlaaf sollt sin, dann hät der wéinegstens esou éierlech solle sin an en nodréiglech rectifizéire loossen. Awer neen-----!

An dat léist äis unhuelen, datt dach onéierlech Absiichten hei am Spill sin. An dat wir, ob et iech gefällt oder nët, eng "Opszönität", – eng ganz grouss Onanstännegkeet, eng Schimtlousegkeet.

Wat därf ee sech nach alles mat deenen Enrôlés de Force erlaben?!

## Zu Diddeléng eng «Zwangsrekrutéierteplaz»

Genee op den Dag, 44 Joer duerno an zu derselwechter Stonn, wéi den 30. August 1942 de Gauleiter Gustav Simon zu Lëtzebuerg-Stad an der Ausstellungshaal um Lampertsbierg ënner vill Opwand a groussem Gedäisch bekannt gemaach hat, datt d'Lëtzebuerger Jongen vun de Joergäng 1920 bis 1924 mat (1925, 1926 a 1927 koume spéider un d'rei) an d'preisesch Wehrmacht agezu géingen, gouf dem 30. August 1986 zu Diddeléng d'Plaz bei der Poorkiirch offiziell „Zwangsrekrutéierteplaz" benannt. Fir d'Enthüllung vun dem Steen mat engem entspriechende Schëld drop hate sech eng ganz Rei vun Eiregäscht do afond, wéi och ganz vill Enrôlés de Force vu no a fären a Familje vun deenen.

Den Text, hei viirdrun am Facsimile, as an enger Urn an de Betonssockel agemauert gin, op deem de Steen steet. Wa vläicht enges Dags dee Steen gerëckelt misst gin, da wëssen déi, déi dat maachen, firwat en dohinner gesat gi war.

Déi Diddelénger Enrôlés de Force därfen houfreg sin, eemol op hir Initiative an zum aneren op hir Réalisatioun. Bei der Inauguratioun sot hire President Jos. Weirich, de Stee wir kee "Monument aux Morts". Villméi soll en an Zoukonft all Leit aus der Stad an och Friemer, déi do laangscht gin, drun erënneren, datt vru laanger Zäit d'Diddelénger Meedercher a Jongen ongeheier Affer bruecht hun an hir opriichteg lëtzebuergesch Haltung mat vill Tréinen a Blutt hu misse bezuelen an domadden aneren d'Schlëmte vun Ëmsiedlung, Prisong a Kazett erspuert hun, an dach awer aktiv matgehollef hun, fir datt Lëtzebuerg erëm fräi an onofhängeg sollt gin.

De Steen as esou, wéi en am Minettsbuedem gewues as a fond gouf. E kënnt dohir, wou de Minett hirstamt, mat deem Diddeléng zu séngem Opschwonk, Wuelstand an zu sénger Gréisst kom as. Och dorunner soll de Steen op der Kiircheplaz erënneren.

Enger ganzer Rëtsch Leit sot de President Jos. Weirich merci:

– de Scheffen an de Geméngeréit vun Diddeléng, un hirer Spétzt de Buergermeeschter Louis Rech, dem technesche Geméngepersonal. Si waren esou gentil de Steen gratis dohin ze stellen, wou en elo steet;

– dem Här Jean Walentiny, Conservateur vum Diddelénger Musée, fir séng Mathëllef bei der Sich vum Steen;

– den Hären Niedercorn an Hoffmann vum „Service des Domaines de l'ARBED" fir d'Autorisatioun de Steen op dem Arbedsterrain sichen an ewech huelen ze därfen;

– dem Här Henri Fischer, deen dat Dokument hei viirdrun handschrëftlech ugefärdegt huet;

– dem Här Jean Grün vu Lëtzebuerg, deen absolument drop bestaanen huet, d'Strooossschëld gratis ze liwwren. Well Papp a Monien am Krich ganzech ville Jongen geholleff haten;

– der Musék „Forge du Sud", un hirer Spëtz d'Madame Capus an den Här Tom Kolacovic;

– dem Här a Komerod Josy Comes, well hien der Musék d'Partiture vum Pol Albrecht séngem Marsch „Ons Jongen" a vum Choral „Les Sacrifiés", (vum him selwer componéiert) geliwwert huet;

– dem Här René Grüneisen, President vun der Amicale des Anciens de la Résistance de Differdange et environs;

– dem Här René Guirsch, President vum LRL an ee vun den Haptleit vun der Actioun „Honnsbësch";

– dem Här Léon Beckius, President vun der amicale des Volontaires de Guerre 1944-1945;





## Am Joër 1986, den 30. August,

gouf dëse Steen hei opgeriicht, fir dëser Plaz den Numm „Zwangsrekrutéierteplaz" ze gin, als Undenken un Zwangsrekrutéierung vun de Lëtzebuerger Meedercher a Jonge vun de Jorgänk 1920 – 1927

Am zwete Weltkrich, während der däitscher Occupatioun vum Lëtzebuerger Land, wore si an déi preisesch "Wehrmacht" an an d'paramilitäresch Organisatioune verschleeft. Vill vun hinne si gefall, wore vermësst, méi wéi 40 % sin un Entbierongen, Krankhéiten an a Gefaangeschaft ëmkomm. Vill si krank a mutiléiert heem komm a si fréizäiteg gestuerwen. Ronn 3000 konnte sech der Zwangsrekrutéierung als Refraktär entzéien, sin ënnergedaucht oder hu sech am Maquis an an den alliéierten Arméie géint den Ennerdrécker gewiert.

Vun Diddeléng wore 557 Jonge verschleeft gin (Zwangsrekrutéiert) dovunner si 85 vermësst, erschoss a gefall.

D'Sectioun Diddeléng vun der Associatioun vun den Zwangsrekrutéierte seet der Gemeng Diddeléng merci fir d'Benennung vun dëser Plaz.

**De Comité vun der Sectioun Diddeléng**

Prësident : Jos. Weirich
Vice-Prësident : Hubert Arend
Sekretär : Jos. Benoit
Caissier : Ferd. Majerus

**Memberen:**

Jean Back · Guill. Dahm · Marg. Dell
Nic Kieffer · Alice Libar · Jos. Pütz
Aloyse Reger · Antoine Rosseljong
Nic. Sturm · Nelly Theobald ·
Roby Woeffler

De Prësident :

**De Gemengerot**

Buurgemeeschter : Louis Rech
Schäffen : Nic. Daubenfeld
Schäffen : Alphonse Grimler

**Kônselljee:**

Marthe Bigelbach · Alex Bodry
Paul Busch · Henri Dunkel
Nic. Hoffmann · Jacques Kirsch
Roger Schaack · Hubert Schœpges
Viviane Urbany · Marco Zanussi

De Buurgemeeschter:




– de Vertrieder vun der Fédératioun Eist Land-eis Sprooch, déi beim Redigéire vum Text fir d'Dokument geholleff hun;

– der Gendarmerie, Police, Douane, Steierverwaltung, de Pompjéen an der Chorale Caecilia;

– de Komeroden aus den EdF-Sectiounen, vun dem Zentral- an dem Fédératiounscomité mat allen ugeschlossenen EdF-Organisatiounen;

– de Komerodinnen a Komerode vum Diddelénger Sectiounscomité.

Vill Leit hu nogekuckt, ënner aneren den Député-maire André Zirwes vu Rëmeléng, den Députéierten Alex Bodry, de Paschtouer Roger Kayser, ..... wéi de Jos. Weirich, Louis Rech an den H. Kieffer de Stee mat dem Schëld dévoiléiert hun.

De Buergermeeschter Louis Rech gong a sénger Usprooch op Sënn an Zweck vun dem Steen an der Benennung vun der Plaz bei der Kiirch zu Diddeléng an. Fir d'Initiativ vun den Diddelénger Enrôlés de Force ze ënnerstëtzen an hinne bei der Réalisatioun ze hëllefen, hätt d'Geméng kéng Bedenke gehat. Et wir dat eng Actioun gewiescht, déi ganz bestëmmt kee revendicative Charakter gehat hätt. et kënnt ni zevill mat déiwen Respekt un déi Diddelénger Meedercher a Jongen vun de Joergäng 1920-1927 geduecht gin, deenen déi vum „1000jährege Räich" vill Iwweles ugedoen haten, – huet de Buergermeeschter betount a sot ofschléissend, datt d'Plaz mat der neier Benennung, déi am Häerz vun der Stad läit, d'Verbonnenheet mat der Heemecht an mat der Stad duerstelle géing, wir a Wirklechkeet e Bekenntnës zum Liewen, zum Fridden, zur Fäiheet an zu onerschëtterlecher Léif zu der Heemecht.

No der Nationalhymn hat d'Staadverwaltung op en Eierwäin am Staadhaus agelueden.

s.n.

# ënner äis – ënner äis – ënner äis

## Clerf

Am Pfingstmontag, 19. Mai, gedachte die «Fédération F.N.E.F.» der toten amerikanischen Befreier. Am Denkmal des G I in Clerf wurden unter den Klängen der «Sonnerie aux Morts» Blumen niedergelegt. An der Gedenkzeremonie nahmen neben zahlreichen EdF teil: der 1. amerikanische Botschaftssekretär James H. Madden und Gemahlin, Bürgermeister Michel Wehrhausen und Vertreter der CEBA. Die Gemeindeverwaltung Clerf spendierte einen Ehrenwein. Bei dieser Gelegenheit richtete Jos. Weirich, Nationalpräsident, einen Appell an die EdF, gerade heute den jüngeren Generationen mit gutem Beispiel voranzugehen, indem sie an den Gedenkfeiern für die amerikanischen Soldaten teilnehmen, die mit ihrem Blut uns Luxemburgern die verlorengegangene Freiheit und Selbständigkeit als Nation wiedergaben. «Wien dës Doudeg éiert, éiert sech selwer!»

## Differdingen

Am 22. Mai begingen die Sektionen Differdingen, Niederkorn und Oberkorn das 20jährige Jubiläum ihrer Fahnenweihe. Am «Monument aux Morts» in Differdingen wurden Blumen niedergelegt und in der Pfarrkirche fand eine Gedenkmesse statt.

Daran anschließend hatte die Gemeindeverwaltung die Sektionen und die Gäste zum Ehrenwein ins alte Gemeindehaus eingeladen.

Die Entente der drei EdF-Sektionen wurde am 2. Juli 1945 gegründet. Die Fahne, die eine Fackel, gehalten von drei Händen darstellt (die 3 Sektionen der Gemeinde Differdingen symbolisierend), wurde am 22. Mai 1966 eingeweiht. Es wurde ein Film über die damalige Weihe und Enthüllung der Fahne gezeigt.

## Lëtzebuerg

De 24. Mee '86, wéi all Joer, war um 11 Auer an der Kathedral déi feierlech Houmass fir déi am Krich gefalen a vermësste Meedercher a Jongen, déi der Zwangsrekrutéirung ënnerworf ware gin.

Den Doum war voll bis op déi leschte Plaz, wéi d'Mass ugong. Am Kouer den Erzbëschof Mgr Jean Hengen an de Paschtouer vun der Kathedral Nicolas Wirtz op der enger Säit, an op der anerer d'Fändele vun den EdF-Organisatiounen.

D'Mass gouf konzelebréiert vu 16 EdF, déi Geeschtlecher sin, a.z.: Joseph Schmit, Michel Behm, Aloyse Bellwald, Robert Brosius, Willy Erpelding, Georges Gevigné, Jos. Hansen, André Heiderscheid, Nicolas Rausch, François Reding, Emile Schaefers, Anatole Schlesser, Raymond Scholtes, Norbert Schram, Georges Vuillermoz an Théophile Weirich.

Gesonge gouf d'Mass fir d'26, Kéier vum Monnerecher Kannerkouer «Princess Marie-Astrid», deen de Léon Krein dirigéiert. D'Uergel gouf vum José Asselborn gespillt.

## Obercorn

Ihre 26. Totenfeier begingen die EdF aus Obercorn am 25. Mai '86. Am Gedenkgottesdienst und an der Zeremonie vor dem «Monument aux Morts» beteiligten sich die Vertreter der Stadtverwaltung, die lokalen Vereine, die EdF der Gemeinde Differdingen, sowie Vertreter der angrenzenden EdF-Sektionen, des Zentralvorstandes, der Resistenzorganisationen ARDE und LRL, und Vertreter des LLMIG-Vorstandes. Mit Feiern wie diese und auch anderen im ganzen Lande möchten die EdF eine Botschaft an die Jugend weiterreichen und für eine Welt ohne Krieg und Leid eintreten.

## Rëmeléng

Bei eise Rëmelénger Komeroden as et Traditioun, datt si all Joer Mëtt-September hir lokal Journée commémorative ofhalen. Dest Joer war dat um Sonndeg, de 14. September. Am cortège gongen "ons Jongen" vu Rëmeléng, zesummen mat Mêmbere vum Gemengerot, un der Spëtzt de Buurgermeeschter a Komerod André Zirves, a mat Vertrieder vun de Nopeschsectioune Käl an Diddeléng an de Stadpark bei de Monument aux Morts. Ënner de Kläng vun der Sonnerie aux morts, déi d'Joffer Nancy an den Här Henri Krauser ugespillt hun, goufe Blumme néiergeluecht. Nodeem en etlech Minute laang un d'Affer vum Naziregime geduecht war gin, gouf d'Heemecht gesongen. Duerno war eng Mass an der Paarkiirch, an zum Ofschloss vun der Journée haten déi Rëmelénger Jongen ë Pättche Wäin offréiert.

## Amicale «R.A.D.-Lager Rehfelde»

Wie vereinbart, treffen sich die Überlebenden der einst ins Reichsarbeitsdienstlager 4/107 Rehfelde (im früheren Schlesien) verschleppten Luxemburger. Dazu hatten die sich am 20. September 1986 mit Familienangehörigen nach Redingen begeben. Der von dort stammende Nicki Hoffmann hatte das Treffen arrangiert. Bürgermeister Fernand Scholtus und Nicki Hoffmann legten beim "Monument aux Morts" Blumen nieder, überdem Lucien Arens die "Sonnerie aux Morts" spielte. Ehrenwache standen am Denkmal zwei Gendarmeriebeamte und Roby Mergen. In tiefer Ergriffenheit gedachten die „Rehfelder" ihrer toten Schicksalsgefährten. Damals waren die im Jahre 1924 geborenen, jungen Luxemburger zu 87 im besagten R.A.D.-Lager gelandet und nur 33 davon überlebten die Kriegsgeschehnisse. Rund 62% dieser Gruppe junger Luxemburger gaben ihr Leben, damit Luxemburg wieder frei und unabhängig werde. Beim Ehrenwein, den die Gemeindeverwaltung anbot, erinnerte Bürgermeister Fernand Scholtus wie ebenfalls Nicki Hoffmann an das bittere Los der Zwangsrekrutierten im Zweiten Weltkrieg. Beim gemeinsamen Abendessen im Hotel Arens und danach wurden alte und auch rezente Erlebnisse ausgetauscht. Man zeigte sich zufrieden, daß endlich, wenn auch nur zu einem fünftel, der Schaden beglichen wird, den die Nazis den Zwangsrekrutierten aus Luxemburg anrichteten, und man hoffte, daß der 1986 an alle Luxemburger verliehene Karlspreis kein „Schwamm drüber" gewesen ist.

Kamerad Marcel Momper übernahm die Organisation des 13. Treffens, welches am 19. September 1987 in Differdingen stattfinden wird. Bei der Gelegenheit soll eine Urne ins Escher Resistenzmuseum gebracht werden, in welcher sich Boden befindet, den Louis Miller aus Erpeldingen von der Stelle in Polen mitbrachte, an der sich einst das R.A.D-Lager Rehfelde befand.

### Sectioun Rammerech

Am Héienduerf Holtz hun d'Enrôlés de Force aus der Rammerecher Sectioun hir lokal Journée Commémorative ofgehaalen.

Um 10 Auer 15 hate si sech, zesumme mat hire Frënn am Schoulhaff versammelt, fir am Cortège, d'Fanfare Holtz viirop, an d'Kiirch ze goen. Vum Zentralcomité huet de Bolmer J.-P. drun deelgeholl.

Déi feierlech Gedenkmass, zelebréiert vum Paschtouer Grethen, war fir all Uwiesend en Erliewnëss gin. Hien, deen aus enger Famill staamt, déi uerg ënner der Nazityrannei an der Zwangsrekrutéirung ze leiden hat, hat séng Priedegt ënner de Motto «Mir verzeihen, awer mir vergiesse nit» gestallt. An treffende Wierder hat hien et verstan, d'Dramatik vum Krich, d'-Zwangsrekrutéirung, den Dilemma beim Stellungsbefehl, d'Ennerdauchen bei brave Resistenzler, d'Emsiedlungsgespenst, d'Doudesnoriichten a.s.w. aus eegenem Erliewen als deemols Fënnefjähregen duerzestellen.

No dëser ergreifender Feier goufe beim Monument aux Morts Usprooche gehal vum René Janes, am Num vun den Enrôlés de Force, a vum Dom. Mertz (E.d.F.), Buurgermeeschter vun der Fusionsgeméng Rammerech. Alle béid hun se un déi onséleg Zäit während der preisescher Okkupatioun erënnert an d'Hoffnung ausgesprach, datt et dach nie méi zu esou engem Holocaust kéim. Blumme goufe néiergeluecht vun de Geméngenautoritéiten a vun den E.d.F. aus der Rammerecher Sectioun.

Kuurz drop waren dann all Komeroden erëm bei eneen am Café Wiltgen, wou se zesumme Mëtteg giess hun. Beim Dessert huet de Bolmer J.-P, déi 60 Komeroden félicitéiert fir hir Présenz a sot merci fir d'Invitatioun un den Zentralcomité. Unerkennend huet hien de Fait eviirgestrach, datt d'Gemengenautoritéiten dëse Gedenkdag zesumme mat den E.d.F. begaangen hun. En huet och opgeruff, zesummenzehalen an zewaachen driwwer, dat déi esou sauer eruwwert Rechter vun den E.d.F. nët mat Féiss getruede gin. Mä och d'Flichte vun den E.d.F. huet hien erënnert:

1. D'Undenken an d'Éier vun de gefalene, vermëssten an fréizäiteg verstuerwene Komeroden stéits a stänneg waach ze halen, an dat esou laang wéi nach een E.d.F. liewt;

2. Datt et un äis selwer wär, derfir ze suergen, datt eng fair a proper Geschichtsschreiwung iwwer d'Ereegnësser vum leschte Krich realiséiert gët.

3. D'Vermiechtnëss vun den doudege Komeroden an de Message, deen déi Iwwerliewend vun der Zwangsrekrutéirung mat op de Wee krute, musse si onbedéingt un déi Generatioune weidergin, déi nokommen, fir datt si doraus eng Léier zéihe kënnen.

Am spéde Nomëtteg as dann d'Journée commémorative 1986 zu Holtz an engem komerodschaftleche Klima op en Enn gaang. Jim.


**Ein neues, aufschlußreiches Buch von**

**Henri KOCH-KENT**

**mit dem Titel:**

**«Années d'Exil 1940-1946»**

**erscheint Mitte November 1986. Zu beziehen ist das Buch durch Überweisen von 1.250 Franken auf das Postscheckkonto Nr. 48847-56 von Henri Koch-Kent, Luxemburg.**


## Pèlerinage en Auvergne

**(Les Ancizes)**

L'Amicale Albert Ungeheuer (les Anciens des Ancizes) a organisé, comme l'année dernière, un pèlerinage dans la région d'Auvergne, où 1100 évadés, réfractaires et résistants luxembourgeois avaient pu se réfugier pendant la Deuxième Guerre Mondiale.

Après la visite d'Aubusson, la capitale de la tapisserie et de Limoges connue pour ses porcelaines, les anciens réfractaires rejoignirent Clermont-Ferrand, d'où tant de souvenirs restent vivants: l'arrestation par la Gestapo pour les uns, le travail sous fausse identité ou le maquis pour les autres.

Le voyage se termina par des dépôts de fleurs au Monument aux Morts des Ancizes, et à l'ancien hôtel Jean Cros, en souvenir du malheureux hôtelier arrêté et fusillé avec d'autres bienfaiteurs français et des réfractaires luxembourgeois dont le chef du Centre, Albert Ungeheuer.

Une réception fut offerte par le maire, Monsieur Neyrat, conseiller général d'Auvergne qui exprima sa satisfaction d'accueillir une fois de plus une délégation du Luxembourg. Aimé Knepper, président de l'amicale adressait des remerciements au Conseil communal, aux bienfaiteurs et à la population des Ancizes et des environs pour l'aide portée à des jeunes en détresse en la période la plus noire de l'histoire de la France et du Luxembourg.

L'organisation du pèlerinage avait été assumée par Camille Faha.

Ajoutons qu'en honneur du maquisard luxembourgeois Antoine Diederich (Capitaine Baptiste), également un ancien des Ancizes, une rue Antoine Diederich fut inaugurée à Clermont-Ferrand/Aubière, le 11 octobre 1986, en présence des autorités et des associations de maquisards français. Antoine Diederich avait réussi à libérer de la prison de Riom 25 maquisards français que les nazis devaient fusiller le lendemain de cette action héroïque. A.K